4/26

# De Conter Expresso

## SCHEEDUNG À LA SOZIALISTEN

De 15. Juli huet d’Stéphanie Ansay, deemolege Member vum Schäfferot, mat engem eklatanten Text géint d’Marion Zovilé-Braquet, hier Demissioun agereecht a soumat d’CSV-LSAP Koalitioun “gesprengt”.



Den Ordre du Jour vun all Gemengerotssëtzung gëtt vum ganze Schäfferot opgesat an och unanime ugeholl. Deemno huet si den Ordre du Jour vun der Gemengerotssëtzung vum 15. Juli 2025 och mat opgesat a war mat alle Punkten, déi de Schäfferot zum Vote gestallt huet, averstanen. Wéinst Bedenken aus de Kreesser vun der LSAP huet si versécherst: “Souguer wann de Pol Thomé, deen ee Punkt net géif matstëmmen, dann hu mir nach ëmmer eng Majoritéit!”.

Den Dag vum Gemengerot huet d’Stéphanie Ansay awer du mat hirem Fraktiounskolleeg Pol Thomé géint dee Punkt gestëmmt, deen si nach um 13.00 virum Gemengerot, laut enger WhatsApp Noricht un den deemolegen CSV-Schäffe, wollt matstëmmen.

Domat huet d’LSAP op eng ganz perfid a falsch Manéier d’CSV-LSAP Koalitioun am Juli gestierzt an huet u kenger Sëtzung vum Schäfferot mei deel geholl, obwuel si vum Minister Leon Gloden dozou opgefuerdert an och bis November heifir bezuelt ginn ass.

Wärend Woche gouf dunn net kommunizéiert a Kontaktopnamen vun der CSV goufe mat diffuse Bréiwer beäntwert.

Mat der Ënnerstëtzung vun der DP an déi Gréng huet si sech awer, hannert der CSV hirem Réck, fir eng “2. Gambia” an der Gemeng Conter entscheet an dest, ouni matt der Wimper ze zucke, matgedroen.

Et gëtt een als CSV d’Gefill net lass, hei wier fir d’éischt de Porzeläin am Juli futti geschloe ginn, andeems d’LSAP d’Koalitioun matt der Demissioun vum Stéphanie Ansay gesprengt huet, fir dono de Wee fir eng nei Koalitioun fräizemaachen.

Fir dass eis Gemeng, no méintelaangem Schäfferot zu zwee a ville mediale Skandaler, endlech erëm kéint „normal“ weiderschaffen, huet d’Buergermeeschtesch am September de Wee fräigemaach, andeems si demissionéiert huet an den CSV-Schäffen huet de selwechte Schratt gemaach nodeems et an engem Gespréich kloer gouf, dass d’DP an déi Gréng guer net un enger Zesummenaarbecht intresséiert wieren. Vu Säite vun der LSAP gouf et bis haut kee Gespréich fir d’Koalitioun oprecht ze erhalen oder weiderzeféieren.

Dat ganz niewebäi d’Gemengepersonal mat an dee ganze Schlamassel gezu ginn ass, ass u sech de gréisste Skandal. Ganzer 4 Communiquéë vu bal allen Ugestallten hunn sech wärend Méint hannert den CSV/LSAP Schäfferot gestalt, wéi et ëm wesentlech Personaldécisioune gaangen ass, bis d’LSAP Vertrieder – innerhalb vun e puer Stonnen – ouni wierklech Ursaach, d’Richtung geännert hunn. Gambia huet elo d’Rudder iwwerholl, scheinbar awer ouni Plang an ouni Kompass, a wat méi schlëmm ass, ouni hiren Awunner matzedeelen wéi et elo soll weidergoen.

Am Dezember koumen déi dräi minoritär gewielte Parteien dunn un d’Muecht mam Message si wéilten elo „no vir kucken“.

Vum 15. Juli bis haut, also no méi wéi 9 Méint, hu si et ëmmer nach net fäerdeg bruecht eng Schäfferotserklärung zesummen ze stellen an ze publizéieren!

**IMPRESSUM**

CSV – Chrëschtlech Sozial Vollekspartei
„De Conter Expresso“ erscheint unter der Verantwortung der CSV-Conter.

Weitere Informationen:
info@csv-conter.lu Facebook: CSV Conter
Auflage 2026: 2500 Exemplare

CSV Conter © 2026

**GIDD MEMBER VUN DER CSV CONTER**

Kontaktéiert ee vun eise Komiteesmembren, schéckt eis eng E-Mail (info@csv-conter.lu) oder schreift Iech direkt iwwert eisen Internetsite an:

https://conter.csv.lu/

# ÄDDI MARION!



Et ass mat enger grousser Emotioun, wou mir als CSV-Sektioun der éischter weiblecher Buergermeeschtesch vu Conter a laangjäreger Presidentin vun eiser Sektioun – 21 Joer - enger politescher Figur aus eiser Gemeng Äddi soen.

D'Marion Zovilé-Braquet war alles anescht wei eis Quote Fra, déi Si och ni wollt sinn! Au contraire, Si huet am Alldag hire " Mann gestanen"!

Hiere Wee, gepräägt vun aacht Joer als Buergermeeschtesch an enger konstanter Presenz am Gemengerot zanter 2008, ass e Beweis fir eng Ausdauer, en Asaz an eng Iwwerzeegungskraaft, déi een hautdesdaags net méi oft fënnt.

Si huet d' Wäerter vun der CSV an awer och hier perséinlech Wäerter mat enger Entschlossenheet verdeedegt, déi jidderengem Respekt ofverlaangt huet, an dat mat Oppenheet, Verständnis an Toleranz. Mir wëllen hier alleguerten hei e grousse Merci soen!

Merci fir hire Leadership: Si huet ëmmer de Kurs gehalen, och wann et an de Koalitiounen an am Ëmgang matt der Oppositioun an de Medien net ëmmer wierklech einfach war.

Merci fir hier Proximitéit: Hier oppen Ouere fir d' Bierger vu Mutfert, Éiter, Conter a Méideng, fir d' Geschäftsleit aus der Gemeng a fir hier Parteikolleegen sou gutt wei d' Kolleegen aus der Koalitioun an Oppositioun, hu Si zu enger Politikerin gemaach, déi no bei de Leit war an sech ëmmer an hirem Sënn agesat huet.

Merci fir hier Ausdauer: Hier haart an onermiddlech Aarbecht am Gemengerot als Fraktiounsspriecherin, am Schäfferot als Buergermeeschtesch, an an der Sektioun als Presidentin… an hire permanente Wëllen eist Uleies op den zouständegen Ministèren duerchzekämpfen, wann et néideg war, hunn eis et als CSV-Conter erlaabt, vill wichteg Projete fir eis Gemeng ëmzesetzen.

D'Marion Zovilé-Braquet hannerléisst eng motivéiert Sektioun an eng Dynamik déi eis houfreg mécht. Merci fir alles, wat Si fir d'Gemeng an d'CSV-Sektioun vu Conter geleescht huet!

## LÉIF MATBIERGERINNEN A MATBIERGER,

Mat engem ganz schwéieren Häerz hunn ech decidéiert meng Funktioun als Buergermeeschtesch néierzeleeën.

Dës Decisioun ass mir net liicht gefall, well eis Gemeng an hir Leit mir ëmmer immens vill bedeit hunn. Et war mir iwwer all déi Joren eng Éier an eng grouss Freed fir mech an eiser Gemeng ze engagéieren. Buergermeeschtesch ze si, war fir mech ni just eng Funktioun oder en Titel – et war eng Verantwortung, mee virun allem eng Häerzenssaach.

Zesumme mat villen engagéierte Leit hu mir an deene Jore vill Projeten op de Wee bruecht, vill realiséiert an eis Gemeng e gutt Stéck weider entwéckelt.

Villes, wat haut do ass, ass duerch vill Aarbecht, Engagement an Zesummenhalt entstanen, an dat ëmmer am Dialog mat Iech all. Et mécht mech houfreg ze wëssen, dass ech e klengen Deel dozou konnt bäidroen, d'Zukunft vun eiser Gemeng mat opzebauen.

Mee dat Wäertvollst aus all deene Jore waren net nëmmen déi vill Projeten – et waren d'Mënschen. Et sinn déi vill Begéinungen, Gespréicher, d'Ënnerstëtzung, d'Vertrauen, an déi vill kleng Momenter am Alldag, déi dës Aufgab esou besonnesch gemaach hunn. Dofir wëll ech Iech vu ganzem Häerz Merci soen. Merci fir äert Vertrauen, fir är Ënnerstëtzung a fir all déi Joren, an deenen ech d'Éier hat eis Gemeng an hir Bierger ze vertrieden.

Eis Gemeng wäert mir ëmmer ganz no um Häerz bleiwen. Hei sinn net nëmme Projeten entstanen, mee och vill flott Erënnerungen, déi ech sécher net vergiessen awer vermësse wäert.

An och wann ech dës Funktioun elo niddergeluecht hunn, bleift meng Verbonnenheet mat eiser Gemeng an hire Leit fir ëmmer bestoen.

Ech war gär är Buergermeeschtesch.

Merci fir äert Vertrauen.

# NEI AM COMITÉ

## BEN FELGEN



De Ben huet 31 Joer an ass Mëtt 2025 vu Miersch op Mutfert geplënnert. Hie schafft als Fonctionnaire op der Ëmweltverwaltung. De geléierten Historiker geet gären a Muséeën, reest gären a begeeschtert sech och fir Fotografie. Des weidere fënnt een hien och alt um Coursevëlo oder an der Natur. Hien huet schonn zu Miersch e puer politesch Erfarungen an der Ëmwelt- an Informatiounskommissioun gesammelt. De Ben ass dann och zanter kuerzem Bezierkspresident vun der CSJ-Zentrum.

Hien interesséiert sech virun allem fir Kultur an d'Mobilitéit. Heibäi ass et him wichteg, datt d'Bierger e breet gefächert kulturellt Angebot hunn an d'Geschicht vun der Gemeng net an de Vergiess geréit. E weidert Uleies ass him, datt jiddereen innerhalb vun der Gemeng, egal op mat Auto, Bus oder Vëlo, gutt, schnell a sécher vun A op B kënnt.

## FRANÇOIS GEORGES

De Franz huet 59 Joer a wunnt säit Summer 24 an der Gemeng Conter. Hien hat säin MBA op der NYU zu New York gemaach a säi ganzt Beruffsliewen am



Ausland an zu Lëtzebuerg am Management vu groussen Entreprisen an a senger eegener Gesellschaft verbruecht. Hien ass Papp vun 2 erwuessene Kanner a setzt sech haut nach ëmmer vir gesond Finanzen an eng gutt Gouvernance an der Gesellschaft an. Wärend villen Jore wor hien och Member vun der Finanzkommissioun vun der Stad Lëtzebuerg.

An senger Fräizäit ass hie mat sengem Hond an der Natur a setzt sech gäre vir d'Erhale vun eiser schéiner Ëmwelt an.

# NEI AM GEMENGEROT



## NATHALIE SCHLESSER-COUTELIER

D'Nathalie Schlesser-Coutelier ass zënter iwwer 30 Joer bestuet, huet 3 Kanner an huet op enger Bank geschafft. Conter ass vu klengem un seng Heemecht an hat well säin Deel dozou bäidroen dass d'Liewen an eiser Gemeng schéi bleift.

Wei seng Kanner kleng waren huet et sech als Elterevertrieder an och als Presidentin vun der Eltereveréenegung agesat, Erzéiung bleift e wichteg Thema fir d'Nathalie wat säin Engagement an der Schoulkommissioun erkläert.

Et ass Sekretärin vun der 3. Alter Kommissioun a vun der Amicale de la Seniorie Ste Zithe vu Conter well et där Generatioun well hëllefen sech wuel ze villen. Och ass et Member an der Kultur an Tourismus-Kommissioun wou seng kreativ Oder et hi gefouert huet.

Duerch seng duebel Nationalitéit, franséisch a lëtzebuergesch, huet et et wichteg fonnt fir an der Vivre ensemble Interculturel Kommissioun mat ze schaffen an do Member ze sinn.

Dir wäert bei him ëmmer en oppent Ouer fanne fir är Bedenken a Verbesserungsvirschléi. Souwuel Mënsche wei och Deiere sinn him wichteg an et wäert sech déi néideg Zäit huele fir fir Iech do ze sinn.

## MARCO SCHMIT



De Marco huet 74 Joer, ass bestuet, huet 3 Jongen, 3 Enkelkanner an ass pensionéierte Gemengefonctionnaire. Aktuell ass hie Vize-President vun der CSV-Conter, Member vun der Finanz-, Sports- an der Bautekommissioun vun der Gemeng Conter.

D'Veräinsliewe läit him besonnesch um Häerz an deemno engagéiert ass hien a verschiddene Veräiner vun der Gemeng deenen hier Aktivitéiten hien zënter Joerzéngten aktiv ënnerstëtzt.

Des Weidere kann hien op eng Rei Aktivitéiten an nationale wéi internationale Federatiounen a Gremien op sozialem, kulturellem wéi op sportlechem Niveau zeréckkucken.

D'Leit an d'Liewen an der Gemeng leien him staark um Häerz. Besonnesch ass hien interesséiert un der Ëmwelt, der Landwirtschaft, de Gemengefinanzen, dem Sport an der Kultur.

A senger Fräizäit beschäftegt hien sech mat Sport, Gesank, Lokalgeschicht, Genealogie a Wanderen.

# E KLORE NEE ZUM BUDGET 2026!

Wa mir als CSV-Conter de Budget 2026 fir d'Gemeng kucken, stelle mir mat Zefriddenheet fest, datt eng gewëssen deeglech Kontinuitéit do ass. Et ass berouegend ze gesinn, datt verschidde Projeten, déi vum ale Schäfferot iwwer Jore geplangt an ugefaange goufen, bäibehalen a weidergefouert ginn. Dat garantéiert déi néideg Stabilitéit an der ëffentlecher Verwaltung. Mee iwwer dës Gestioun vun de lafenden Affären eraus, bleift fir eis eng fundamental Fro am Raum: Wou wëll dëse Schäfferot eis Gemeng eigentlech hiféieren?

Dozou gëtt et leider aktuell keng Kommunikatioun! Deemno feelen eis d'Iddien an d'Zukunftsplanung. Fir e Budget mat guddem Gewësse kënnen ze stëmmen, bräichte mir eng transparent Erklärung vum Schäfferot – e klore politesche Plang an eng Strategie, déi eis bis haut, Ufank Abrëll, leider net virgeluecht ginn.

Wei ass et mam geplangten Zentrum vu Mutfert? Wei geet et weider am Dossier soziale Wunnengsbau? Wou si mer konkret dru matt de Pläng fir d'Renovatioun vum Éiter Centre Culturel? Wat geschitt nom ugekënnegte provisoresche Geflécks ganz konkret mam Centre Culturel zu Mutfert?

Dass et dësem Schäfferot momentan un Zukunftsplanung a konkreten Iddien ze feele schéngt, gëtt besonnesch däitlech beim Dossier vum **neie Gemengenhaus** wat nach bis Mëtt Juli zu 100% vun de Gemengerotsmembere vun der LSAP iwwer bal annerhallef Mandatsperiode matgedroen a mam Avis vum Här Schiltz an enger éischter Versioun an dono der Mme Ansay an enger zweeter Versioun am Schäfferot unanime ausgewielt gouf.

Déi Hären aus dem Schäfferot soen zwar haut NET si géifen dëse Projet dee färdeg am Tirang läit ofleenen, mee awer deele si de Bierger et duerch d' Blumm matt dësem Budget matt, a plangen elo eng drëtt Etude.

Firwat sollen nach eng Kéier d'Sue vun de Bierger verschwent ginn, fir eppes nei ze analyséieren, wat scho vun zwee alen CSV-LSAP Schäfferéit konkret entwéckelt, validéiert a chiffréiert gouf? Etuden iwwer Etuden ze sammelen heescht net handelen, dat heescht - an eisen Aen - blockéieren.

A wärend mir op nei Rapporte waarden, steet d'Realitéit um Terrain net stëll. An deenen aktuelle Raimlechkeete schafft **d'Gemengepersonal** ënner Konditiounen déi an eisen Aen net méi akzeptabel sinn. D'Büroe si voll, et feelt u Plaz, Funktionalitéit an Intimitéit op allen Ecken, an dës Engt behënnert d'Effizienz vum kommunale Service. Wéi kënne mir vun eisem Personal verlaangen, datt se sech voll asetzen, wa mir hinnen net emol de néidege Raum ginn, fir hir Aarbecht anstänneg ze maachen?

Dës Verspéidung beim Bau vun engem neie Gemengenhaus huet awer och mënschlech Konsequenzen, déi iwwer d'Verwaltung erausginn. Wann de Bau vum neie Gebai op Äis geluecht gëtt, blockéiere mir automatesch d'Ëmgestaltung vum aktuelle Gebai. Et ass net nëmmen e Projet vu Bürosraim, dee stoe bleift, et ass eis zukünfteg **Maison Médicale** an déi ganz Plaz do ronderëm, déi blockéiert gëtt.

Nach méi beonrouegend: mir verurteelen eis laang erkämpften **Apdikt** dozou, weider an enger provisorescher Struktur ze bleiwen, déi kee permanenten Zoustand ka sinn. D'Awunner an d' Personal aus dëser Apdikt verdéngen eng anstänneg an dauerhaft Infrastruktur, a net e Provisorium, dat wéinst ëmmer neien Expertisen an d'Längt gezu gëtt.




Et kann een net op der enger Säit déi einfach Dossiere vun der viregter Mandatsperiod am Kader vun engem sougenannten "Iwwergangsbudget" weiderféieren, an dann op der anerer Säit deen entscheedende Projet fir d'Wuelbefanne vun de Mataarbechter an d'Gesondheet vun de Bierger ënner engem Bierg vun onnéidegen neien Etudë begruewen.

Eis als CSV feelt aktuell, wéi scho gesot, eng Schäfferotserklärung an e **Plan pluriannuel financier** matt deem mir kéinten exakt novollzéie wat den aktuelle Schäfferot Konkretes plangt, wat déi zukünfteg Investissementer vun eiser Gemeng sinn an a wei eng Richtung et matt der Verscholdung vun eiser Gemeng weider geet...


Well et eis duerch d'Inexistenz vun enger **Schäfferotserklärung** un Transparenz iwwert déi reell Strategie vun dësem Schäfferot feelt, gouf et fir eis nëmmen eng logesch Konsequenz! Aus all dëse Grënn, a well eis Matbierger an eist Personal keng Etuden erwaarden, mee  konkret Doten, hu mir als CSV géint dëse Budget gestëmmt.

# GEMENGEPOLITIK: EINFACH A KNAPP ERKLÄERT

De Gemengerot vu Conter besteet aus 11 Memberen dovunner ass 1 Buergermeeschter an 2 Schäffen. Bei de Walen am Juni 2023 huet CSV 44,25 % Prozent vun de Stëmme kritt, dat waren du 5 Mandater am Gemengerot. Fir eng Majoritéit ze hu, brauch ee minimum 6 Mandater. Fir déi ze erreeche gëtt e Koalitiounspartner gesicht andeems ee Gespréicher mat deenen anere Parteie feiert woubäi ee Walprogrammer vergläicht a mat där Partei wou een am meeschte Punkte gemeinsam huet, z.b. nei Gemeng, Maison médicale schléisst een e Koalitiounsaccord of. Duerch deen Accord engagéieren sech d'Parteien an di selwecht Richtung ze plangen an och am Gemengerot fir di proposéiert Projeten ze stëmmen.

Wann elo ee vun de Partner opgëtt, respektiv géint e Projet stëmmt ass d'Koalitioun gesprengt an de Buergermeeschter huet keng Majoritéit méi. Dëst ass am Juli 2025 zu Conter geschitt, duerch Demissioun vun der LSAP Schäffin. Nodeems et kloer war dat deen Accord deen 2023 ënnerschriwwe gi war net mei agehale ginn ass, ass gekuckt gi fir en neie Partner ze fannen.

Dëst ass awer schwéier wann een net di selwecht Zukunftspläng fir eis Gemeng huet. Anscheinend huet dat awer déi 3 aner Parteien aus der Gemeng net gestéiert. Si hunn sech zu 3 zesumme gedoe fir dann endlech kenne staark genuch ze sinn an d'CSV an d'Oppositioun ze schécken. No all deem Gedeessems an denen, zum Deel perséinlechen Attacke géint d'Buergermeeschtesch, huet si doropshin entscheed, hir politesch Karriär op en Enn ze bréngen.




# AKTUELLES

## NEIJOERSCHPATT 2026



Direkt den éischte Méindeg am neie Joer hat ons Sektioun op den Neijoerschpatt 2026 an de Centre Culturel Am Medepoull invitéiert. D'Annonce datt et zu Schnéi kéint kommen, huet sécherlech deen oder aneren ofgehale bei ons ze kommen, mee déi, déi de Wee op Éiter fonnt haten, goufe gutt versuergt. Bei flotten an interessante Gespréicher gouf sech natierlech vill iwwert déi aktuell Situatioun an der Gemeng ënnerhalen an och d'Marion Zovilé an de Premier Luc Frieden hunn dës Aktualitéit an hire Rieden ugerass.

## GENERALVERSAMMLUNG 2026



Ons Generalversammlung 2026 stoung virun Allem ënnert engem Thema, de politesche Verännerunge vun 2025 an onser Gemeng.  an hei ganz besonnescht der Aart a Weis wéi dëst geschitt, An awer kann ons Sektioun op een erfollegräicht Joer zeréckkucken, well mir ganz aktiv waren a mat onser Hierschtaktivitéit u vergaangen Zäite konnten uknäppen an eis am Kader vun onser Klausur um Mutferter Haff am Oktober nei opgestallt hunn. Ons laangjäreg Presidentin huet och op der Generalversammlung der Staf weidergin un den Yves Loose.

Mat enger flotter an inhaltlech interessanter Konferenz huet ons Ministesch, d'Madame Martine Deprez de Public ganz gutt iwwert déi aktuell Themen ewéi Rentereform an d'Gesondheetsversuergung informéiert.

## ZUM DIGI SÉNGEM RÉCKTRËTT



De Jean-Pierre Di Genova, genannt Digi, ass och aus dem Gemengerot zréckgetrueden. Dëse Schrëtt war awer net d'Folleg vun engem Konflikt, mee huet den Ofmaachunge vu no de Walen 2023 entsprach, säin drëtt Mandat net ganz auszeféieren.

Zënter 2011 huet hien sech am Gemengerot engagéiert a war duerch seng Biergernoheet an säin oppent Ouer fir d'Awunner besonnesch geschätzt. Mir soen him villmools Merci fir säi laangjäregen Asaz am Déngscht vun eiser Gemeng.